Här Burgermeeschter,
Madame Eicher,
Här Gira,
Här Loos,
Här Schmit,
Här Wietor, Vertrieder vum Landwirtschaftsminster Fernand Boden,
Här Eischen, Vertrieder vum Wirtschaftsminister Jeannot Krecké,
Här Biver, Vertrieder vum Emweltminister Lucien Lux,
Sehr geehrte Referenten,
Dir Dammen an dir Hären,

Fir d'éischt well ech den dräi Ministären Merci – Landwirtschaft, Économie an Emwelt – datt sie de Patronage fir dës Veranstaltung iwerholl hun. De Geméngverantwortlichen an de Geméngentechniker soën ech Merci, datt sie eis de Sall zur Verfügung stellen an aménagéiert hun. Dem "Äischdall Plus" soën ech Merci fir déi gutt Kooperation am Viirfeld vun dem Seminar.
Dem Landwirtschafts- an dem Wirtschaftsministär soën mir Merci fir déi finanziell Ennerstëtzung.

"Biokraftstoffe – Kraftstoffe der Zukunft" ass d'Thema vun haut. Heibäi geet ët ëm méi, wéi d'Froë matt waat mer eis Autoën an 10, 20, 50 Jôr fidderen fir vun der Plaz ze kommen.

Et geet hei konkret ëm d'Zukunft vun Lëtzebuerg: fir den Automobilsecteur, d'Forschung, d'Landwirtschaft an nët zuläscht eis ganz Ökonomie.

Klammend Benzin- a Mazoutpräisser bedeiten neck nëmmen fir éng emmer méi grouss Zuel vun Leit an der EU Aschränkungen an hirer Mobilitéit, mä hun och een Afloss op de Präiss vun aneren Produit'en. Matt klammenden Energiepräisser klammen och d'Herstellungskäschten.

Mir wëssen och all, datt mer eis national an international Emwelt- an Klimaschutzzieler nëmmen arreechen, wa ët esi geléngt, niewt dem Energiespueren, ass méi onofhängëg vum Erduelig awer och dem Erdgas ze maan.

Dëst huet d'EU och erkannt an deem se d'Biokraftstoffrichtlinn erloss huet an och éng Biomasse-Strategie.  Der Biomass gët bekanntlech kurz- bis mëttelfristig daat gréisste Potential ënnert den Erneierbaren Energien zougestan. D' Biokraftstoffrichtlinn soll ënner anerem derzou beidroën, datt d'EU d'Kyoto-Zieler anhält, an eis wéi gesôt méi onofhängeg vun Energieimporter ze maan. Dobäi zielt d'Biokraftstoffrichtlinn awer nëmmen op den Verkéierssecteur of, néck op de Wunnéngsbau oder aner Secteuren. D'EU-Richtlinn schwätzt also éischter vun Bio<u>treib</u>stoffer. Zur gläicher Zäit sollen awer déi bestehend EU-Virschrëften zur Kraftstoffqualitéit, den Emissiounen an der Loftqualitéit (Stëchwuert: Feinstaub) agehalen gin.

Déi éischt Biokraftstoffer gin och hei zu Lëtzebuerg zënter Jôren matt dem Asâtz vun Biodiesel an e puer Busser vun der Stad Lëtzebuerg agesât. Aner Biokraftstoffer vun der sougenannter éischter Generatioun wéi Planzenuelig, Bioethanol an Biogas gi och schons bei eisen Nôperen genotzt. Et geet momentan drëms déi richtëg Rahmenbedingungen ze schafen fir datt se sech kënnen ee Marché schafen. Dobäi muss awer och opgepasst gin, datt de

globalen Handel matt Biotreibstoffer an den Ausgangsproduiten fair ass, fir datt mer eis Entwécklungspolitik neck torpedéieren. Niewt de richtegen staatlechen Rahmenbedingungen ass ët awer och wichtëg, datt d'Wirtschaft mattzéit:

- D'Petrolindustrie ass gefuerdert;
- D'Automobilindustrie schingt verstanen ze hun. Umrüstsystemer resp. nei Motoren, déi op déi jeweilig Biokraftstoffer ausgericht sin, sin schons um Marché resp. befannen sech an der Entwécklung. Datt ët geet, weisen eis zënter Jôren d'Brasilianer wou en etlich Autoën matt Bioethanol fueren an och Fliggeren matt 100% Alkohol fléien.

D'Förderung vun de Bioenergien huet an de vergangenen Jôren grad am ländleche Raum zu Wertschöpfung a Beschäftigung bäigedroën. De Raps resp. de Stillegungsraps wôr an de läschte Jôren fir d'Landwirtschaft éng vun de lukrativsten Kulturen an och d'Biogasszene huet sech gutt entwéckelt.

Duerfir ass ët och wichtëg, datt am neien PDR d'Rahmenbedingungen sou geschafen gin, datt ët op deem Wee weidergeet an datt de ganzen Bioenergiesecteur sech nach weider entwéckelt.

Waat fir éng Pisten déi interessants fir Lëtzebuerg sin soll haut diskutéiert. Ech wënschen eis all een interessanten an opschlussräichen Dâg.

Ech soën iech Merci.

---

**** Es gilt das gesprochene Wort*